

förderlech, fir hei eng gutt Entente tèscht de Sozialpartner ze hunn.

Mir sinn an deem Sënn ganz, ganz frou, dass sech do elo e Revirement erauskristalliséiert. Et ass mer nach ëmmer net kloer – an ech hat d'Debatt elo nach eng Kéier virun e puer Deeg nogekuckt –, firwat dat am Oktober net méiglech war. Mir stelle ganz zefridde fest, dass dat anscheinend haut vun de Majoritéitsparteien anescht gesitt gëtt. Merci dofir. A vläicht d'nächst Kéier ... hoffen ech, dass mer eis déi Opregung an deene Woche virdrun och vun Ärer Sait kënne spueren, fir dass mer eis do méi produktiv kënne ...

(Brouhaha)

... ëm d'Suerge vun eisem Land an eiser Wirtschaft këmmen.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bernard. Dann hunn och nach d'Wuert gefrot: den Här Baum, den Här Clement an zum Schluss den Här Engel. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Merci, Här President. Mir als Lénk begrëssen natierlech och de Sënnswandel vun der Chrëschtlech-Sozialer Vollekspartei op deem heite Punkt. Ech ka just dat bestätegen, wat d'Madamm Bernard virdrun och scho gesot huet: datt mer eis domadder ganz vill penibel Diskussiounen hätte kënne erspueren, souwuel an der Chamberskommissioun wéi awer och an der Effentlechkeet dobussen.

Ech mengen awer, datt dat hei just en éischte Schrëtt ka sinn. Ech mengen, d'Attacken op d'Kollektivvertragswiese lafen nach op zwee aneren Niveauen.

Engersäits doduerch, datt, well vill Saache gesetzlech gereegelt ginn, wéi zum Beispill d'Öffnungszäite vun de Commercen, ee riskéiert, datt d'Kollektivvertrag eigentlech hirer Essenz beraubt ginn an doduerch d'Gewerkschaften och u Poids verléieren. Dat ass eng reell Gefor, déi weiderhi bleift.

An et bleift och weiderhin d'Gefor, datt een eventuell kéint un d'Gesetz iwwert d'Kollektivvertrag drugoen. Do musse mer ganz vigilant bleiwen. Mer musse kucken, datt dat net geschitt.

Ech mengen, datt dat hei zumindest en éischte Schrëtt ass an déi richteg Richtung. A wéi gesot, mir begrëssen d'Alenke vun der Koalitioun.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum. Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Et schéngt jo hei da wierklech e Mëssversteesdemech gewiescht ze sinn.

(Interruption)

Oder, jo, vläicht huet och de Gewerkschaftsflillek vun der CSV an deene leschte Méint u Gewicht zougeluecht an huet dozou gefouert, datt d'Wo dann elo awer an déi aner Richtung ëmschléit.

(Interruption)

An deementspriedend kann ech dat heiten nëmme begrëssen.

Vläicht ass och den Drock vu bussen e bësse méi grouss ginn. Ech weess et net wierklech. Mee esou ganz un déi Theorie vum Mëssversteesdemech gleeuwen ech net!

(Interruptions)

Et schéngt jo nämlech och heibannen net esou ganz kloer gewiescht ze sinn, well firwat hätte mer soss am Oktober als Éischt bei enger Motioun vum Djuna

Bernard gesinn, datt d'Majoritéit dergéint stëmmt, an elo ass et dann awer gutt?

Also, ech kann et nëmme begrëssen! Ech si frou. Zumindest eis Positioun ass kohärent zënter Oktober, a mir wäerten déi och weiderhi bäibehalen. An ech kann nëmme begrëssen, datt mer dat heiten – hoffentlech dann – unanime stëmme kënne! Mee bon, dat gesi mer dann elo gläich.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Wann elo keng aner Wuertmeldungen do sinn, da ginn ech dem Auteur nach eng Kéier zum Schluss d'Wuert. Här Engel.

M. Georges Engel (LSAP), auteur | Jo, merci, Här President. Merci och fir dat Revirement vun de Regierungsparteien an dësem Dossier.

Dir kënnt elo de Kapp rëselen, Madamm Weydert, a soen, dat wär kee Revirement. Mee Dir kënnt Iech nach eng Kéier d'Debatt vum 22. Oktober ularschteren. An do hutt Der bei genau deem selwechten Text – genau deem selwechten Text ...

Mme Stéphanie Weydert (CSV) | Amendement!

M. Georges Engel (LSAP), auteur | Bei genau deem selwechten Text hutt Der ...

Mme Stéphanie Weydert (CSV) | Amendement!

M. Georges Engel (LSAP), auteur | Bei genau deem selwechten Text, deen exklusiv ...

Une voix | Amendement.

M. Georges Engel (LSAP), auteur | ... hei diskutéiert ginn ass, hutt Dir dergéint gestëmmt, souwuel d'DP wéi och d'CSV. Dat ass e Fakt! Dat kënnt Der allegueren iwwerall noliesen.

(Interruption)

Dat kënnt Der iwwerall noliesen.

A mat e bësse méi Fangerspëtzegefill, a mat e bësse méi Gefill fir de Sozialdialog wär hei vill Porzellän net gebrach ginn, wär hei d'Vertraue vun deem Lëtzebuerger Sozialmodell, dee mer hunn, net op d'Spill gesat ginn.

Ech si frou, dass de gesellschaftleche Widerstand vu Gewerkschaften, vu ganz ville Leit, vun den Oppositionsparteien hei sech bezuelt gemaach huet. Dat huet hei effektiv elo zu engem Revirement gefouert vun de Majoritéitsparteien, deen net nëmme hei am Parlament bei den Deputéierten esou war, mee deen och an der Regierung plusieurs fois esou geschitt ass, sief et vum Premierminister oder vum Aarbechtsminister.

Duerfir, wann dat elo esou ausgeet – waarde mer mol de Vott of –, dass dat heiten esou ofgestëmmt gëtt, da bleift d'Exklusivrecht bei de Gewerkschaften. An dat ass och gutt esou.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Engel.

Ech gesinn, datt nach eng Wuertmeldung vun der Regierung do ass. Här Mischo.

Prise de position du Gouvernement

M. Georges Mischo, Ministre du Travail | Jo, merci, Här President. D'CSV an d'DP confirméiere genau dat, wat d'Regierung och schonn duerch de Premierminister an och duerch den Aarbechtsminister déi lescht Woche confirméiert huet. An ech hunn, nach eng Kéier, expressis verbis ni gesot, dass ech géint allegueren déi doten Diskussiounen wier respektiv dass ech dergéint wier, dass déi national representativ Gewerkschaft solle Kollektivvertrag verhandele respektiv ënnerschreiwen.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister.

Domat wär d'Diskussioun zu dëser Motioun dann ofgeschloss an ech géing déi Motioun zum Vott stellen.

Vote sur la motion

Vu datt net all d'Parteien sech expriméiert hunn, maa-che mer en elektronesch Vott doriwwer.

(Interruption et hilarité)

De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Probéiert, nach e klengen Effort ze maachen! Et sinn nach net all d'Stëmme ofgi ginn. Voilà, Schluss vum Vott.

D'Resultat: 60 Jo-Stëmme, ...

Plusieurs voix | A!

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler, Président | ... also keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dës Motioun ass also à l'unanimité ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Nathalie Morgenthaler), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par M. Félix Eischen), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour.

M. Georges Engel (LSAP), auteur | Den Här Frieden huet gesot, hie wëlt d'Exklusivitéit net fir d'Gewerkschaften garantéieren.

M. Claude Wiseler, Président | Awer eréischt, wann Der Iech calméiert hutt.

M. Georges Engel (LSAP), auteur | Ech wëll dat just nach eng Kéier hei festhalen.

10. 8441 – Projet de loi relative à la rénovation et à la transformation de l'ancienne bibliothèque nationale

M. Claude Wiseler, Président | Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, an zwar dem Projet de loi 8441 iwwert d'Renovatioun an den Embau vun der fréierer Nationalbibliothék. D'Rien-dezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Deemno huet d'Rapportrice 10 Minutten, jiddwer Partei a Sensibilitéit 5, d'Regierung 10. Et hu sech schonn

ageschriwwen: d'Madamm Octavie Modert, den Här Yves Cruchten, den Här Jeff Engelen, den Här Meris Sehovic an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Corinne Cahen. Madamm Cahen, et ass un Iech.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

Mme Corinne Cahen (DP), rapportrice | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech muss zouginn, dass et fir mech eng Eier ass, Rapportier d'äerfen ze si vum Projet 8441, der Renovatioun vum Ale Kolléisch. Den Athenée war zwar schonn 1964 op de Geesseknäppche geplënnert, mee mer schwätzen awer nach ëmmer vum „Ale Kolléisch“ oder, wéi den Här President elo grad, vun der „aler Nationalbibliothék“. Si war vun 1973 bis 2018 an deem Gebai an der Enneschtgaass, éier se an hir nei a wonnerschéi Raimlechkeeten op de Kierchbiereg geplënnert ass.

Mat deem Gesetz, dat mer haut solle stëmmen, erwächt den Ale Kolléisch respektiv déi al Nationalbibliothék zu niem Liewen, mat Aktivitéite fir jiddereen – woumat ech dann och direkt mam Detail vum Rez-de-chaussée wéilt ufänken.

Déi dräi Häff – jo, et sinn der dräi: een an der Enneschtgaass, een um Parvis, op der Säit vum Boulevard Roosevelt, déi mer kennen, an dann awer och en Atrium, deem net jiddweree kennt – wäerten eng zentral Roll spillen.

De Rez-de-chaussée gëtt dem Kulturministère attribuéiert. D'Ouverture op d'Stad steet do am Mëttelpunkt. De CEPA, de Centre pour la promotion des arts, wäert dat ganz Joer iwwer kulturell Aktivitéiten a Coursen organiséieren fir all Konschtamateuren, souwuel fir Erwuessener wéi och fir Kanner, wou een allméiglech kulturell Kreatiounen entdecken kann.

Um Rez-de-chaussée vum Gebai wäert dann och en Ausstellungsraum sinn an e Café littéraire mat, am Summer, enger flotter Terrass.

All d'Fonctionen um Rez-de-chaussée kënnen separat, mee och zesumme funktionéieren. D'Ouverture op d'Stad mat Aktivitéiten ass hei ganz wichteg. Et sollt net e rengt Bürosgelass sinn.

Dee méi groussen Deel vum Gebai – dat heescht all d'Stäck – geet un d'Justice. Den Tribunal d'arrondissement plënnert dohinne. Et kommen dräi Salle d'audiences – zwou fir 50 Leit an eng fir 20 Leit – eran, gradewéi 30 Büroe fir 36 Postes de travail. An da wäert och de Service administratif vum Parquet an dat Gebai plënnere mat Plaz fir 33 Aarbechtsplazen.

De Site ass accessibel: d'Justice – esou wéi fréier d'Nationalbibliothék – iwwert de Boulevard Roosevelt an awer och an der Rue Notre-Dame duerch den Atrium duerch e securiséierten Accès.

Et ginn deemno dräi grouss Zonen: eng Zone publique – de Rez-de-chaussée –, wou dann eeben dee Contrôle d'accès gemaach gëtt, den éischte Stack ass eng Zone semi-publique mat de Salles d'audiences; an da gëtt et eeben och nach eng Zon mat just Büroe.

De Site ass natierlech klasséiert, wat d'Transformatioun an d'Renovatioun net méi einfach mécht. De ganze Projet ass awer mam INPA (ndlr: Institut national du patrimoine architectural) duerchgeschwat ginn. D'Autorisatioun si schonn all do – och vun der ANF (ndlr: Administration de la nature et des forêts), dem Environnement, der Stad Lëtzebuerg an esou weider.

Well dat Gebai esou schéin ass a virun allem och immens al, wollt ech awer nach e puer Detailler ginn zum architektonesche Konzept.

Et sinn Naturstengfassaden. Dat ass ganz rar hei zu Lëtzebuerg! All déi Mauerer, déi keng Dromauere sinn, mussen erausgeholl ginn. D'Fassade gi komplett renovéiert.

Um Rez-de-chaussée wäert déi eng oder aner Ouverture och derbäi kommen. Den Daach gëtt isoléiert. D'Schifercoverture muss komplett nei gemaach ginn. Et kënn e Blitzableiter derbäi. An d'Cloisonnement ginn all nei gemaach. An den alen Zeechsal vum Kolléisch komme Fënsteren eran, fir Luucht eranzekriegen.

D'Energiekonzept ass natierlech bei deem Gebai eng grouss Erausforderung. D'Fënsterer ginn all ersat. Se wäerten aus Holz sinn an et gëtt eng Duebelverglasung. Do kann ee gutt Wäerter erreechen, mee se bleiwen an de Proportiounen esou, dass se déi fei Chassisen eeben och halen. Bei der Duebelverglasung no bannen, op der Süd- an op der Westsäit, gëtt e performante Store agebaut an den Tëscheraum, deem een da vu baussen net gesäit.

E groussen Challenge ass och, dass d'Gebai vu bannen isoléiert gëtt. Dofir kënn et just eng Zweefachverglasung. Bausse bleift d'Gebai intakt, a bannen gëtt et mat enger Holzfaserdämmplatt versinn.

Den Ale Kolléisch, respektiv déi al Nationalbibliothék, kritt zwou Pelletheizungen an eng Pompe à chaleur. Am Summer kann d'Pelletheizung ganz aus sinn, well d'Pompe à chaleur do ass. Et kann och Keelt produzéiert ginn am Summer. Den Atrium kritt en neien Dallage.

De Budget total, dee virgesinn ass, läit ënner 60 Milliounen, soudass mer am Fong geholl haut guer net hätte missen e Gesetz hei stëmmen. Et ass awer, mengen ech, méi virsiichteg vun der Ministesch gewiescht, ons ze proposéieren, dat Gesetz haut hei ze stëmmen. Well mir sinn net allze wäit vun de 60 Milliounen ewech, nämlech bei 55 Milliounen, op déi elo de Projet chiffriert ass. An do ass et effektiv virsiichteg, dann haut awer hei an der Chamber driwwer ze schwätzen an dat Gesetz hei ze stëmmen.

Timingsméisseg – dat interesséiert ons jo all – sollen d'Joer schonn déi éischt Ausschreiwunge virum Summercongé gemaach ginn. Uganks d'nächst Joer sollen d'Aarbechten ufänken an am Idealfall dann 2030 fäerdeg sinn.

De Staatsrot hat keng Observatiounen a sengem Avis vum 22. Oktober. A mengem schrëftleche Rapport fannt der natierlech all d'Detailler iwwert dese flotte Projet.

Ech géif dann och direkt den Accord gi vu menger Fraktioun a freeë mech elo schonn drop, dass d'Stad nees em ee flott renovéiert an accessibel Gebai méi räich gëtt.

Villmools merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Cahen. Ech soen Iech als Rapportrice Merci fir Äre schrëftlechen a fir Äre mündleche Rapport.

An déi éischt ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Octavie Modert. Madamm Modert.

Discussion générale

Mme Octavie Modert (CSV) | Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Häerz vun der Stad, op enger zentraler a strateegescher Plaz an der Uewerstad, steet d'ëst impressiounant Gebai vum fréiere Kolléisch an där fréiere Nationalbibliothék mat senger schéiner, soberer Architektur, deels Renaissance, deels Barock, op impressiounanten 43 Ar. D'Gebai mécht sech op, souwuel zur Stad

selwer wéi zur Péitruss hin, souzesoen där touristescher Säit. An esou e gutt visibel Gebai, dat esou gutt läit, ass ganz wichteg fir d'Attraktivitéit vun der Uewerstad. A wat elo dra komme wäert, huet eng Bedeutung fir hir Attraktivitéit an Entwécklung.

Virgesinn ass, wéi d'Madamm Rapportrice et scho gesot huet, Raum fir Kultur a fir Gerichter. De CEPA, aka Summerakademie, kréit de Rez-de-chaussée fir seng Programmation an Ausstellungen. An d'Handelsgericht an de Parquet général kënnen elo auswäichen op méi Plaz fir d'Beamten a fir d'Audiences. An do ass de Bedarf grouss.

An der Debatt iwwert de Kulturentwécklungsplang hat ech op der Chambertribün gesot, déi fréier Nationalbibliothék kéint ee sech als kulturellen an artistesch Hub virstellen, mat Ausstellungsflächen, Künstlerresidenzen an Ateliers, Néierloossung vun Encadréierberuffer an engem Deel Wunnechte fir jonk Leit, déi am Ufank vun hirem aktive Liewe stinn. Iwwert d'Professionaliséierung an d'Verbesserung vun de berufleche Karriäre vun de Kënschtler eraus hätt esou en inhaltleche Programm och vill zur Beliefung vun deem Deel vun der Stad bäigedroen.

Am Gesetzesprojet vun haut, deem déi viregt Regierung deposéiert hat, ass elo virgesinn, der kultureller Programmation eng grouss Plaz ze ginn. An de CEPA kritt eng fest Plaz fir seng Aktivitéiten, déi sech ëmmer un e grouss Publikum wenden – dat musse mer jo wëssen. Den Accès vum Public zu Kultur ass domadder och e wichteg Punkt.

Eis Gerichter brauchen och méi Plaz.

An et ass och wichteg, dass ëffentlech Verwaltungen an der Uewerstad bleiwen. Mat Mataarbechter a Publikumsverkéier, souwuel um Geriicht wéi natierlech am Kulturdeel, bleift och Liewen an der Stad. Dat soll iwwer e literaresche Café ëmsou méi gefërdert ginn. Do ass nach näischt Genaues festgeluecht. Et sollt natierlech net nëmmen eng einfach oder afallslos Léisung sinn, denken ech. De Café wäert ausgeschriwwen ginn. Bon, et ass natierlech ni schlecht, wann de professionelle Bedreier ganz fréi matagebonne ka ginn, fir sécher ze sinn, dass d'Gebaielchkeeten de Besoinen och gerecht ginn.

De Bauteprogramm vum Gebai steet, wéi ëmmer, net am Gesetzestext selwer – déi zukünftige Affektatioun och net. Traditionell steet just de Präis dran. An hei, wéi d'Madamm Rapportrice et scho gesot huet, huet d'Regierung sech derzou entscheet – an dat ka se ëmmer maachen, dat ass ëmmer méiglech –, mam Projet an d'Chamber ze kommen, och wann deem neie Seuil fir d'Bautegesetz, deem an eiser neier Verfassung steet, hei net iwwerschratt ginn ass.

Da kéint ee jo och nach mat den zukünftige Gestionairen iwwert d'Detailler kucken, oder vläicht iwwer en Zougang zum artistesche Fligel och vun der touristescher Säit aus, déi zur Péitruss hin ass, wou am Fong geholl méi gesi gëtt, wat lass ass.

Jo, de Gesetzesprojet ass scho wäit fortgeschritt an de Viraarbechten, soudatt d'Verwaltung dervun ausgeet, zimmlech séier kënnen auszuschreiwen. Mir begrëssen och d'Zesummenaarbecht mam INPA fir d'ëst wäertvollt klasséiert Gebai, wat natierlech nëmmen normal ass, fir d'ëst Kulturierwen an dese wichteg Patrimoine, woumat sensibel ëmgaange gi muss.

An domadder ginn ech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Modert. An dann ass d'Wuert fir den Här Yves Cruchten. Här Cruchten.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Ech géif gären ufänken, andeems ech dann eiser Presidentin, der Madamm Cahen, villmools Merci soe fir deen detailléierte Bericht. Dat erspuert mir, op vill Detailer anzegoen. An ech géif och gären d'Spannung direkt eraushuelen, well mir wäerten dat Finanzéierungsgesetz hei selbstverständlech matdroen.

Et soll jo, wéi elo erkläert gouf, an deem Ale Kolléisich, féiere Kolléisich, dann ennen um Rez-de-chaussée e Café entstoën. De Centre pour la promotion des arts soll do Ateliere bedreiwen. An net zulescht solle jo och do Raimlechkeete komme fir d'Justiz respektiv de Parquet – wat jo net vu Muttwëll ass, well mer alleguer wëssen, dass d'Cité judiciaire vill ze kleng ass. An déi ka sech jo a quasi keng Himmelsrichtung richteg erweideren. Dofir ass et net vu Muttwëll, och wëssend, dass dat doten awer net de Problem vun der Justiz wäert léisen an dass do nach aner Léisunge musse kommen. Mee bon, et ass alt schonn emol eppes.

Firwat ech d'Wuert hei awer ergräifen zu deem Projet? Well ech fannen, dass dee Projet hei eigentlech dat beschte Beispill derfir ass, dass mer eigentlech guer kee Plang hunn, wat mer mat eisen historesche Gebaier a mat eise Patrimoine maachen!

Dat Gesetz fir déi nei Bibliothék ass 2013 gestëmmt ginn. 2019, mengen ech, ass déi nei opgaangen an elo am Joer 2025 komme mer mat engem Projet, wat dann elo an deem ale Gebai soll geschéien. Ech weess, dass do dertëscht och vill Diskussiounen waren.

Ech ka mech un den Här Bettel erënneren, dee gesot huet, et sollt e Musée drakommen. Wéi en awer gefrot gouf, wat fir e Musée, do wusst en net esou richteg, wat da lo géif drakommen, wat ech och ganz speziell fannen. Also: Mir maache mol e Musée. Mir wëssen awer net, wat mer do dra solle weisen.

Duerno ass driwwer diskutéiert ginn, Wunnenge respektiv Studentewunnungen dran ze maachen. Bon, ob dat historescht Gebai vun iwwer 400 Joer wierklech déi richteg Plaz ass oder ob et dat hiergëtt, Wunnungen draus ze maachen – quitte dass mer alleguer wëssen, dass mer e Manktem u Wunnungen iwwerall hunn –, mengen ech, war och speziell. Mee et sief dann! Elo hu mer e Projet, e Konzept, dat och eppes daacht, an dofir wärte mer dat ënnerstëtzen.

Mee ech soen dat heiten, well eigentlech steet déi nächst Fro schonn erëm am Raum. Deen nächste Projet, dee wäert kommen, ass selbstverständlech dee vum Nationalarchiv. Och do wësse mer, dass dee wäert plënnere an och do wärte sech erëm déi selwecht Froe stellen. An ech sinn der Meinung, dass mer ... oder mir Sozialiste sinn der Meinung, dass sech eigentlech fir allegueren déi dote Sitten d'Spezialiste vum Staat, awer och d'Spezialiste vun der Stad Lëtzebuerg sollte beienaner setzen, sech Gedanke maachen, en Inventaire maachen a kucken: „Wéi gi mer an Zukunft mat deem Patrimoine ëm? Wat brauche mer? Wat gëtt gebraucht? A wat setze mer do dran?“ Ech mengen, dat wär e gudden Usaz, fir an Zukunft och do e bësse méi Kohärenz zanzekréien.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Cruchten. An dann ass d'Wuert fir den Här Jeff Engelen. Här Engelen.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. Fir unzefänken der Madamm Corinne Cahen en häerzleche Merci fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport. Ech mengen, wann een als véierte Riedner hei drukënn, brauch een net méi vill zum Historique ze soen an

och net méi vill zum Detail vum Ëmbau. Dat meescht ass hei virgedroe ginn. Mir als ADR begrëssen, dass duerch dese Projet d'Offert an der Uewerstad vergrëssert gëtt. Et kënn méi Liewen eran. An ech mengen, dat ass och dat, wat wichteg ass, dass dat hei mat erageholl gëtt an dann och d'Infrastrukture vun der Justiz entlaascht ginn, andeem mer déi op deenen ieweschte Stäck ënnerbréngen.

Erlaabt mer vläicht, an deem Kontext drop opmierksam ze maachen: Mir mussen eis och iergendwéi Gedanke maachen iwwer en zukünftigen Emplacement vun eiser Justiz. Et misst ee mat hinne schwätzen. Well wann ech mech gutt erënnere kann, ass déizäit d'Justiz gebaut ginn, wéi mer bei 400.000 Awunner waren an e puer Gequëtschter. Elo komme mer lues a lues bei 700.000. Et geet jo ongebrems virun. Do muss ee sech eng Kéier Gedanke maachen, wéi een dann dem Justizapparat kann déi néideg Infrastrukture ginn. Ech mengen, an deem Sënn ... Bon, mir hu keng Glaskugel, ech weess dat och, mee ech mengen, mir mussen eis awer iergendwann eng Kéier Gedanke maachen, wat mer dann der Justiz offréieren.

Ech bréngen dann d'Zoustëmmung vun der ADR zu dësem Gesetz a soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Engelen. Här Sehovic.

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn et hei beim virleende Projet de loi mat engem Projet ze di fir d'komplett Renovatioun an d'Transformatioun vum Ale Kolléisich, vun der aler Nationalbibliothék. Dat ass noutwendeg, well d'Gebai aktuell weeder de funktionelle Besoinen entsprécht, nach de gesetzleche Virgaben am Beräich vun Technik a genereller Sécherheet, nach den Ufuerderungen am Beräich vun Energieeffizienz.

Et ass – an dofir sinn ech frou, dass d'Regierung trotzdeem de Wee gaangen ass, de Projet de loi hei der Chamber zum Vott virzeleeën – en extreem flott Beispill dofir, wéi een d'Besoinen vun den öffentliche Verwaltung ka bedéngen a gläichzäiteg eng Plus-value fir d'Noperschaft, fir de Quartier a fir d'Leit schafe kann.

Mir hu Raimlechkeete fir d'Besoinen vun der Administration judiciaire, fir d'Handelskummere vum Tribunal d'arrondissement a fir d'administrativ Servicer vum Parquet. Mir hunn awer och Raimlechkeete fir kulturell Aktivitéiten, notament d'Aktivitéite vum Centre pour la promotion des arts, dem CEPA, dee säit laange Joren eng ganz wäertvoll Aarbecht am Beräich vun der Formation artistique an am Beräich vun der Promotioun vum kënischleresche Schafe mécht. Dës Aarbecht vum CEPA gëtt mat den neie Raimlechkeeten um Rez-de-chaussée valoriséiert an de CEPA kritt e flotte Kader, fir seng Formatiounen, seng Workshopen a Summerakademien ze organiséieren, an och an Zukunft dann eng flott Salle d'exposition, an där d'Artisten hir kreativ Aarbecht engem méi grouse Public kënnen presentéieren.

Mam Café littéraire, dee Public empfänt an domat och d'Gebai opmécht fir de Grand public, ass och do eng Plus-value geschaf. An ech mengen, dass dat jo och e Stéckwäit am Geescht ass vun deem, wat mir och hei an der Chamber wëlle maache mat der Maison Gilly: d'administrativ Servicer opmaachen, d'Gebaier opmaachen, och fir de Grand public.

Et ass awer och e flott Beispill dofir, wéi een an engem grouse funktionelle Bau Denkmalschutz an

och Klimaschutz zesummebréngen kann. D'Gebai ass säit 1964 als Monument national klasséiert, gouf successiv tëscht 1575 a 1740 gebaut, awer an de 1960er-Jore staark verännert, wéi et fir d'Besoinen vun der Nationalbibliothék fir d'lescht ëmgebaut gouf.

Bei der Planung ass enk mam INPA zesumme-geschafft ginn an et ass e Projet entstanen, deen zum Deel al Elementer, déi mat der Zäit och verluer gaange sinn – verschidde Fassaden, verschidden Dekoren, verschidde Mobilieren a verschiddene Räim –, an hiren ursprénglechen Zoustand restauréiert. Gläichzäiteg läit en innovativt Energiekonzept vir. D'Enveloppe vum Gebai gëtt energeetescher besser isoléiert an de Chauffage gëtt mat zwou Pelletheizungen an enger Wärmepompe assuréiert, déi bei kalen Temperaturen heizen a bei waarmen Temperaturen och zum Deel de Killcircuit fir d'technesch Installatiounen alimentéiere kënnen.

Duerch an duerch also e gelongene Projet, dee wichtige Besoinen vun der Administratioun nokënn, e flott Stéck Geschicht vun eise Land valoriséiert an et gläichzäiteg dem Public erëm zougänglech mécht. Eng grouss Felicitatioun och un d'Beamten an d'Beamten, déi un dësem Projet geschafft hunn. An natierlech ënnerstëtze mir Gréng dese Projet de loi.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Sehovic. An de leschten ageschriwwene Riedner ass dann den Här David Wagner. Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. Ech bleiwe mol hei.

M. Claude Wiseler, Président | Très bien!

M. David Wagner (déi Lénk) | Ech maachen och keen Historique ... awer dach en aneren Historique, op deen een, mengen ech, awer muss agoen. Mir wäerten dee Projet de loi matstëmmen, mee awer elo net mat der gréisster Begeeschterung, well trotzdeem huet een den Androck, dass eppes verpasst gouf. Déi fréier Nationalbibliothék, de fréieren Athenée hätt een nach kënnen fir aner Zwecker asetzen, also net déi, déi elo virgesi sinn, bis op een, nämlech dee vum Gericht. A firwat? Ma well mer schonn deemools, wou mer d'Cité judiciaire gebaut hunn, Schmu gedriwwen hunn. Et war scho gewosst deemools, dass net genuch Plaz virgesi war. Et war eng grouss Diskussioun. Ech ka mech erënneren: Souguer wéi ech Enn vun den 90er-Joren nach am Lycée war, gouf et e Bauteminister, mat deem et ëmmer schwéier war ze diskutéieren an dee ganz aleng géint de Rescht vun der Welt erkläert huet, dass dat ganz gutt wär. Selbstverständlech hat en Onrecht, wéi mer dat wëssen a wéi jiddereen dat och elo weess.

Ganz dovunner ofgesinn, dass se vläicht och nach ästheetesche ganz diskutabel ass, déi Zort vun Disneyland, déi Mëschung tëscht Disneyland a Germania, déi mer do vun der Architektur hier um Helleg-Geescht-Platto hunn, ...

(Hilarité)

... misst ee sech vläicht och iwwerleeën, wéi laang mer dee Schandfleck do nach behalen, well wat wichteg wier, wier op jidde Fall, dass mer op enger anerer Plaz – an dat fuerdert jo och nach de President vun der Cour suprême – wierklech richteg Plaz fanne fir all d'Administratiounen vun der Drëtter Gewalt hei zu Lëtzebuerg. Well et schafft sech och ganz schlecht do. Si sinn net frou. Et ass kee frou.

Ech verstinn, dass mer déi Noutléisung elo fannen, well mir keng Plaz hunn, mee et ass einfach nëmme schued, dass schonn deemools einfach Schmu

gedriwwe gouf mat dëser Cité judiciaire, wat eis elo zwéngt, ze piddelen, an dat ass natierlech net optimal.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner.

Dann huet d'Regierung d'Wuert. Madamm Ministesch.

Prise de position du Gouvernement

Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci. Ech weess elo net, op wéi ee Bauteminister Dir Iech referéiert hutt, mee ech hoffen, dass mat där heiter Bauteministesch awer méi einfach ze schwätzen ass.

(Interruption)

Merci. De Mëtteg hu mer zwee Finanzéierungsgesetzer fir Bauprojeten um Ordre du jour. Ech sinn natierlech ganz frou domadder a ganz, ganz zefridden. Dir gesitt, dass d'Regierung och weider konsequent um Ausbau an un der Moderniséierung vun eisen Infrastrukture schafft. Mir investéiere weider. Mir mussen weider an eis Zukunft investéieren. D'Betriber kréien esou nei Opdrä, wat eng gutt Nouvelle ass fir de Bausecteur, mee och fir allegueren d'Mataarbechter a Mataarbechterinne vun deem Secteur.

Ech soen natierlech och der Rapportrice e ganz grouse Merci. Si huet alles am Detail erkläert. Exzellente Rapport. Den Ale Kolléisch oder déi al Nationalbibliothék, wat wierklech en historescht Gebai ass, kritt elo en neit Liewen.

Mir wëllen esou e Patrimoine wierklech valoriséieren. Dat ass eis ganz wichteg. Et ass erkläert ginn, mat wéi engem Liewen dat Gebai dann elo gefüllt gëtt: op der enger Säit mat Kultur, op der anerer Säit mat eeben Espacen, déi fir eis Justiz wichteg sinn, well d'Cité judiciaire dat effektiv net méi packt. Et ass och drop higewise ginn, dass d'energeetesche Sanéierung e wichtege Volet vun deem Ganzen ass. Sou gesinn ech dat natierlech och. Et ass Referenz gemaach ginn op de Budget: Mir hätten hei kee Finanzéierungsgesetz misse maachen, et war mir awer léiwer. Déi hei Aarbechte wäerte véier Joer daueren. Mir wëssen, dass Indexextranché kommen an esou weider an esou virun, Indexadaptatiounen. Dofir wollt ech dann effektiv op Nummer sécher goen.

A vun dëser Plaz wëll ech dann och de Beamten a Beamte vun Ministère, wéi och der Administratioun, déi hei uewe vertrueden ass, e grouse Merci soen an och der Chamber Merci fir d'Ennerstëtzung.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Ministesch. Domat wär d'Diskussioun zu dësem Projet de loi dann ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8441. Den Text steet am Document parlementaire 8441².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8441 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger Abstentioun. De Projet ass also mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Stéphanie Weydert), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler,

Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

11.8442 – Projet de loi relative à la construction de nouveaux bâtiments pour le Lycée Michel Lucius au Plateau de Kirchberg

Als nächste Punkt hu mer de Projet de loi 8442 um Ordre du jour, e Projet iwwert de Bau vun neie Gebaier fir de Lycée Michel Lucius um Kierchbiereg.

D'Riedezäit ass nom Basismodell déi selwecht wéi virdrun. Et hu sech schon ageschriwwen: den Här Paul Galles, den Här Yves Cruchten, den Här Jeff Engelen, den Här Meris Sehovic an den Här David Wagner. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet, d'Madamm Corinne Cahen. Madamm Cahen.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

Mme Corinne Cahen (DP), rapportrice | Villmools merci, Här President. 2016 huet d'Regierung sech bereeterkläert, verschidde Schoulgebaier vum Lampertsbiereg fortzeplënnere, fir de Quartier ze entlaaschten. De Lycée Vauban ass 2018 op d'Cloche d'Or geplënnert an d'Uni ass haut gréisstendeels um Belval. Haut presentéieren ech Iech de Projet vum neie Lycée Michel Lucius, deen op de Kuebebiereg um Kierchbiereg plënnere soll.

Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer awer, fir d'éischt och hei e ganz kuerzen Historique ze maachen. De Lycée Michel Lucius huet 1966 seng Dieren opgemaach ënnert dem Numm „Collège d'enseignement moyen“. Duerch d'Joerzëngten ass de Lycée e puermol ëmgebaut ginn. 1979 krut en den Numm „Lycée Technique Michel Lucius“. An de 1970er-Joren ass de Lycée lues awer sécher op säin aktuelle Site geplënnert an der Avenue Pasteur. Deemools hat d'Gebai véier Filleken an e Sportkomplex mat enger Piscine, déi 1983 opgaangen ass. Dir fannt all déi historesch Detailler natierlech a mengem schrëftleche Rapport. Do kënnt Der dann och noliesen, dass de Lycée Michel Lucius wéinst sengem grouse Succès ëmmer nees huet musse vergréissert ginn. Net zulescht och, well en 2016 d'International School Michel Lucius gouf, déi no engem Pilotprojet souwuel am Primaire wéi och am Secondaire IEC-Klassen, also „International English Classes“, opgemaach huet.

Den Ament huet de Lycée am Ganzen 105 Klassen. Eppes iwwer 1.600 Schüler sinn am Lycée Michel Lucius scolariséiert: 659 am Enseignement secondaire général an 990 Schüler an den internationale Klassen. An de leschte Joren ass de Lycée Schülerméisseg immens gewuess, net zulescht wéinst dem Ukrain-Krich an deene jonken Ukrainer, déi sech séier an den engleschsproochegen Klassen agelieft hunn. De Lycée Michel Lucius ass deemno ze kleng ginn a soll an e puer Joer plënnere.

De Gesetzesprojet, deen ech Iech haut virstellen, gesäit de Bau vun engem ganz neie Gebai um Kuebebiereg um Kierchbiereg vir. Et si 54 Klassen virgesinn. Et komme Geschichts- a Geografiesäll an d'Gebai, 31 Spezialsäll fir Bio, Chimie, Physik an esou weider, 9 Ateliere fir Musek, Konscht, Kichen. Déi ronn 100 Leit aus der Administratioun kréie Büroen. Fir déi 240 Enseignante sinn zwee grouss Openthalts- a Schaffräim virgesinn. Dann ass natierlech och e Service psycho-social virgesinn am Gebai. D'Schoul kritt ee grouse Sall, dee souwuel multifunktionell wéi och als Examensraum benotzt ka ginn. Et ass eng Bibliothék op zwee Niveaue virgesinn, e Schoulrestaurant mat 450 Sëtzplazen, eng Produktiounskiche fir 1.500 Platen, wou dann och fir de Fondamental spéiderhi soll kënne gekacht ginn. Niewent d'Schoulgebaier kënnt eng grouse Sportsaal mat véier Unitéiten, enger Salle de musculation, enger Salle multifonctionnelle, enger grousser Piscine mat sechs Couloiren an engem Garage fir Mountainbike-Vëloen.

Den Terrain ass net ganz riicht. Am Éislek géinge se soen, et wär „Éisleker Platt“, mee hei an der Stad ass en awer an der Pente. An dat ass architektonesch eng grouse Erausforderung, déi awer mat dësem Projet elegant geléist gouf. Den Terrain ass am Ganzen 2,65 Hektar grouss, mat engem Denivelé vu siwe Meeter. De Michel Lucius ass iwwregens dat éischt Gebai, dat um Kuebebiereg wäert gebaut ginn. Wa keng Schoul ass – owes, weekends, mee och während de Schoulvakanz –, da wäerten d'Infrastrukture vum Lycée wéi och d'Gréngfläche ronderëm op si fir d'Awunner vum Quartier. Domat kann da jidderee vun dësem Projet profitéieren an de Schoulkomplex integréiert sech domat perfekt an de Quartier.

Erlaabt mer awer och nach, Iech e puer Detailler ze ginn zum Energiekonzept vum Gebai. Iwwert de ganzen Daach wäert Fotovoltaik sinn; en ass en plus südorientéiert. D'Südfassad vum Sportsgebai wäert ganz mat Fotovoltaikpannoen ofgedeckt ginn. Am Ganze si 7.000 Meeterkaree Fotovoltaikpannoe geplangt. Domat kënne 66 bis 70 % vun der ganzer Consumatioun ofgedeckt ginn.

Do dernieft ass e Bassin de rétention virgesinn. De ganze Konzept berout dorobber, dass et eng Bétonsstruktur ass op Piliere mat Dallen, mat engem liichte Cloisonnement, soudass een dat ganz einfach adaptéiere kann, wann am Laf vun der Zäit nei Besoine fir de Lycée kommen.

Et ass eng Dräifachverglasung virgesi mat effikasse mikroporforéierte Storen. D'Spächermass fir déi technesch Installatiounen ass esou kleng wéi méiglech, well d'Gebai selwer ka späicheren. D'Luuchte sinn natierlech LED an et ass kee Lintean an de Klassen virgesinn. D'Dall geet riichtduerch an de Chassis gëtt an d'Dall eragesat, fir dass eeben e Maximum u Luucht erakënn.

Beim Waasser gëtt iwwregens och gespuert. Et gëtt Urinoiren ouni Waasser. D'Reewaasser gëtt fir d'Netze benotzt, mee och fir d'Wäsche vun de Mountainbikes. D'Waasser vun der Piscine gëtt och nees benotzt. D'Hëtzt gëtt dann och nach emol aus dem Waasser